

Evangelium vu Léiffrawëschdag [15. August] (um Dag)
(Joer A - B - C)

Lk 1,39-56

- G. *Den Här sief mat iech all.*
A. *An och mat lech.*
G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*
A. *Dir all Eier, Här.*

- 39 An deenen Deeg huet d'Maria sech op de Wee gemaach
an sech geflass,
fir an eng Stad an de Bierger vu Judäa ze goen.
- 40 Do ass si an dem Zacharias säin Haus eragaang,
an si huet d'Elisabeth begréisst.
- 41 Wéi d'Elisabeth der Maria hire Grouss héieren huet,
ass et geschitt, datt d'Kand an hirem Schouss sech beweegt huet
an datt d'Elisabeth vun hellegem Geescht erfëllt gouf.
- 42 Si huet haart geruff:
"Geseent bass du ënner de Fraen,
a geseent ass d'Fruucht an dengem Schouss!
- 43 Wie sinn ech, datt mengem Här seng Mamm bei mech kënnt?
44 Well kuck, wéi ech däi Grouss héieren hunn,
huet d'Kand a mengem Schouss sech vu Freed beweegt.
- 45 Glécklech ass déi Fra,
déi gegleeft huet, datt dat an Erfëllung geet,
wat hir vum Här gesot gouf!"
- 46 Du sot d'Maria:
"Meng Séil verkënnegt d'Gréisst vum Här,
47 a mäi Geescht jubiléiert iwver Gott, mäi Retter,
48 well op d'Damiddegkeet vun senger Mod huet hie gekuckt.
Jo, vun elo un heesche mech glécklech all d'Generatiounen,
49 well dee Mächtige huet fir mech Grousses gedoen.
Helleg ass säin Numm,
50 an säin Erbaarmen, vu Generatioun zu Generatioun,
gëllt deenen, déi hie fäerten.
- 51 Gewalteses doet hie mat sengem Aarm,
hie jeet déijéineg auseneen,
déi bis an hiert Häerz iwverhiefflech sinn;

- 52 déi Mächteg geheit hien erof vum Troun,
an déi Damiddeg riicht hien op,
- 53 déi Hongreg siedegt hie mat gudde Gowen,
an déi Räich schéckt hie fort mat eidelen Hänn.
- 54 Hien hëlt sech sengem Kniecht Israel senger un
an denkt un säin Erbaarmen
- 55 – wéi hien eise Papp versprach huet –
fir den Abraham an seng Nokomme
fir ëmmer an éiweg."
- 56 D'Maria ass ongeféier dräi Méint bei der Elisabeth bliwwen,
dunn ass si nees heem bei sech gaang.

G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.

A. Dech, Christus, luewe mir.